



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, vum Kulturminister, Eric Thill a vun der Ministesch fir Digitaliséierung, Stéphanie Obertin, op d'parlamentaresch Fro n° 871 vum 10. Juni 2024 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori**

Auteure vu Wierker, déi d'Konditioun vun der Originalitéit erfëllen, si vun den Droits d'Auteur geschützt. D'Konditioun vun der Originalitéit ass erfëllt, wann d'Wierk d'Perséinlechkeet vu sengem Auteur erëmgëtt an den Auteur selwer déi artistesch Choix beim Schafe vum Wierk getraff huet. D'Bewäertung, ob dës Konditioun erfëllt ass oder net fält an d'Kompetenz vun de Gerichter.

Dat wichtegst Gesetz zu Lëtzebuerg am Beräich vun den Droits d'Auteur, ass dat ofgeännert Gesetz vum 18. Abrëll 2001 iwwert d'Droits d'Auteur, déi verwandte Rechter an d'Datebanke (loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données). Den Artikel 12 vun dësem Gesetz leet fest, dass d'Ofrieden an d'Iwwerdroe vu sengen Eegentumsrechter géintiwwer dem Auteur schrëftlech ze beweise sinn a restriktiv zu senger Gonschten auszeleeë sinn : « A l'égard de l'auteur, la cession et la transmission de ses droits patrimoniaux se prouvent par écrit et s'interprètent restrictivement en sa faveur. »

Generell solle Benotzer oder Auteurs op déi allgemeng Benotzungsbedéngungen oppassen, déi se unhuelen, an déi mussen mam Zivilrecht kompatibel sinn. Wat d'Klausel ugeet, déi d'Deputéierten an hirer parlamentarescher Ufro ernimmen, sollt een ennersträichen, datt déi Autorisatioun op den Zweck vum Fonctionnement an der Verbesserung vun der Software beschränkt ass ("Solely for the purposes of operating or improving the Services and Software"). All aner Notzung erfuerdert eng zousätzlech ausdrécklech Autorisatioun vum Auteur vum Wierk.

Déi aktuell Gesetzeslag enthält souwuel allgemeng Reegelen, wéi och méi spezifesch, wat d'Droits d'Auteur uginnt, an dës erméiglechen et am Fall vun Abusen ze handelen. De juristesche Kader muss flexibel a generell genuch bleiwen, fir an deene verschidde Situatiounen kennen ugewant ze ginn.

Lëtzebuerg, den 10/07/2024  
De Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus

(s.) Lex Delles